

# OP DE PUNKT.

Juli 2022

## BEZUELBARE WUNNRAUM AN DER GEMENG PÉITENG!

Nodeems de Gemengerot am Juni 2021 d'Konditioune fir d'neit Lotissement Neiwiss II zu Rodange gestëmmt huet, sinn de leschte Mount d'Baggeren ugerullt fir mat den Infrastrukturaarbechten un ze fänken.

Soumat geet déi aktuell Majoritéit ee weidere Projet fir bezuelbare Wunnraum an der Gemeng Péiteng un.

- 31 Terraine ginn zum Präis vu 45.000 € / Ar verkaaft
- 4 Terraine ginn zum Präis vu 36.000 € / Ar verkaaft
- 1 Terrain ass reservéiert fir de Bau vun enger klenger Residenz mat 4 Appartementer déi vun enger Associatioun verlount solle ginn un sozial manner gutt gestallte Leit

De Projet gesäit vir dass net nëmmen 25 % (wéi laut Gesetz virgeschriwwen), mee 44 % vun der Fläch net bebaut gëtt a soumat en agreabelen an natierlechen Kader an dem Lotissement entsteet.

Mat engem Avantage vu ronn 70.000 € / Ar par Rapport zu den aktuelle Maartpräisser, gëtt d'Gemeng Péiteng hei 35 jonke Familjen d'Méiglechkeet fir dem Dram vum Eegenheem ee Schratt méi no ze kommen.

Weider Informatiounen zum Lancement vun der Verkafsphase an de Konditioune ginn et am Hierscht 2022 vun der Gemengeverwaltung.



ANDRÉ
MARTINS DIAS
Gemengeconseiller- Conseiller communal

## LOGEMENT ABORDABLE DANS LA COMMUNE DE PÉTANGE!

Après le vote des conditions de mise en vente relatives au lotissement „Neiwiss II“ en juin 2021, les premiers excavateurs ont commencé les travaux d'infrastructures (construction des routes, pose du canal d'assainissement et de divers réseaux) sur le site du nouveau lotissement le mois dernier.

Ainsi, encore un projet destiné à créer des logements abordables se réalise à l'initiative du PCS.

- 31 terrains sont vendus au prix de 45.000 € / are
- 4 terrains sont vendus au prix de 36.000 € / are
- 1 terrain sera destiné à la construction d'une résidence à 4 appartements qui seront affectés à la location à coût modéré par une association

Le projet prévoit que 44 % de la surface totale soit aménagée en espaces verts, dépassant de loin les 25 % exigés par la loi et créant ainsi un espace de vie agréable au sein de ce nouveau quartier.

Avec un avantage d'environ 70.000 € l'are, par rapport aux actuels prix de marché, la Commune de Pétange soutient ainsi 35 jeunes familles dans la concrétisation de leur rêve de devenir propriétaire.

## 138 ZOUSÄTZLECH PARKPLAZE RONDERËM DEN ZENTRUM VU RODANGE!

Zu Rodange géintiwwer der Sportshal gëtt e Parkhaus vu 4 Stäck mat enger Kapassitéit vun 186 Parkplaze gebaut. Mat dësem Parkhaus ginn d'Parkméiglechkeete méi wéi verdräifacht, wann ee weess dat um fréiere Parking 48 Parkplaze waren.

D'Aarbechten hunn am November 2021 mat der Installatioun vum Schantjen ugefaangen. Virgesinn ass, datt d'Struktur fir Oktober 2022 fäerdeg gëtt. Wann d'Technik da bis dran ass, kann de Parking viraussiichtlech Enn des Joers 2022 déi éischt Gefierer ophuelen.

Wann ee weess, wéi dacks op dësem Site sportlech a kulturell Organisatioune stattfannen, da weess ee ganz genee, wéi schwiereg et bis elo war fir hei eng Parkplaz ze fannen. Mam Bau vun dësem neie Parkhaus ënnerstëtzt déi aktuell Majoritéit soumat d'Organisateure vun dësen Evenementer andeems de Visiteure méi Parkméiglechkeeten ugebuede ginn. Fir d'Leit heescht dat, den Auto séier an einfach stationéieren anstatt laang ronderëm ze fueren, wat och onser Ëmwelt zegutt kënnt.

MARIA AGOSTINO
Gemengeconseillère- Conseillère communale





## 138 EMPLACEMENTS DE STATIONNEMENT SUPPLÉMENTAIRES AUX ABORDS DU CENTRE DE RODANGE !

En face du Centre Sportif de Rodange un nouveau parking à 4 étages, avec une capacité de 186 emplacements, est en train de se réaliser. Ce projet crée ainsi plus que le double d'emplacements supplémentaires par rapport aux 48 emplacements existant sur cette place auparavant.

Les travaux ont débuté en novembre 2021 avec l'installation de chantier. La structure devra être terminée d'ici octobre 2022, ce qui permettra d'accueillir les premiers véhicules à partir de la fin de l'année 2022, une fois que tous les éléments techniques auront été achevés.

Quand on sait combien de manifestations sportives et culturelles ont lieu sur ce site, on sait qu'il était jusqu'ici quelques fois difficile de trouver un emplacement de stationnement. Avec la construction de ce nouveau parking à étages, le PCS actuellement à la tête du conseil échevinal, vise ainsi à soutenir tous les clubs et associations organisant des évènements, en facilitant la situation de stationnement. Ceci évite aux participants et aux visiteurs des différentes manifestations de devoir faire des tours à la recherche d'une emplacement de parking, ce qui est par ailleurs également bénéfique pour notre environnement.

## DRÄI PROJETE FIR ONS ËMWELT!




D'Fondation Cancer huet kierzlech fir de Weltnetfëmmerdag alarméirend Zuelen zum Tubakskonsum zu Lëtzebuerg veröffentlecht. Ee Plus vun 33 % a 5 Joer a mëttlerweil iwwer 100.000 Mënschen déi zu Lëtzebuerg all Dag fëmmen. Doriwwer eraus ass en Zouwuess vun 68 % a 5 Joer bei de Jugendleche vun 18 bis 34 Joer ze erkennen.

Tragesch ass et dat zu Lëtzebuerg ronn 1.000 Mënschen all Joer un de Folge vum Tubakskonsum, duerch Häerz- a Kreeslaferkrankungen an u Longenkriiebs stierwen.

Preventionskampagne musse vun der Regierung kommen, awer och d'Lokalpolitik muss hei mat upaken, engersäits wéint der onmëttelbarer Gefor fir d'Gesondeet, anerersäits fir d'Folgen vun der Ëmweltvergëftung esou wäit wéi méiglech ze reduzéieren.

Wann ee bedenkt, dat eleng een Zigarettestomp ronn 40 Liter Grondwaasser verseucht, an dat Nikotin gutt waasserléislech ass, weess een, wann een déi vill Zigarettestömp um Stroosserand gesäit, wéi katastrophal dësen Zoustand fir d'Waasserversuergung iwwer déi nächst Joerzéngten ass.

Mat dem Gedanken huet de Patrick Arendt, Präsident vun der Ëmweltkommissioun folgend Projeten an d'Liewe geruff a probéiert esou zesumme mat de Membere vun der Ëmweltkommissioun dësem Phenomen entgéint ze wierken:

### PLOGGING ALL ÉISCHTE SONNDEG AM MOUNT (VU MÄERZ BIS OKTOBER)

15 Mol huet sech d'Ëmweltkommissioun mat Fräiwëllege getraff, ofwiesselend zu Péiteng, Rodange a Rolleng, fir eng Streck vun all Kéier 5 bis 7 km of ze lafen, wou dann allerlee Knascht opgesammelt gëtt. Dozou gehéieren och Zigarettestömp wouvu schon iwwer 2.000 Stéck entsuergt goufen.

### PROJET SHIME: UPCYCLING VUN ZIGARETTESTÖMP!

Bei dësem Projet sollen op zentrale Plazen an der Gemeng Zigarettestömp gesammelt ginn, fir recycléiert ze ginn an doraus Miwwel hierzestellen. An

enger éischter Phase goufen 10 Bornen zu Péiteng installéiert. No enger Analyse iwwert d'Notze vun dëse Bornen, soll de Projet dann op déi ganz Gemeng erweidert ginn.

***PROJET: „ICI COMMENCE LA MER!“***
Dëst ass ee weidere Projet, wou d'Gemeng an den 3 Uertschaften aktiv ass fir an dësem Sënn Öffentlechkeetsaarbecht ze leeschten.

Déi dräi Projete féieren zu engem „Well being – Prozess“. Ee verschéinert Stadbild, Präventioun duerch Opklärung, a Férderung vun der Gesondheet vun alle Matbierger.




CSV
PÉITENG

# TROIS PROJETS EN FAVEUR DE L'ENVIRONNEMENT !

La « Fondation » Cancer a récemment présenté des chiffres alarmants sur le tabagisme au Luxembourg, à l'occasion de la journée mondiale sans tabac. Le nombre de fumeurs a augmenté de 33 % au cours des 5 dernières années pour arriver à 100.000 personnes qui fument quotidiennement au Luxembourg. Plus grave encore, une augmentation de 68 % en 5 ans chez les jeunes âgés de 18 à 34 ans ressort des statistiques.

La tragédie derrière ces chiffres est qu'environ 1.000 personnes décèdent chaque année des suites de maladies cardiaques et circulatoires ou encore d'un cancer des poumons, maladies dues au tabagisme.

Des campagnes de prévention doivent certes être lancées par le gouvernement, la politique locale est toutefois également dans le devoir d'agir, d'une part en raison du danger immédiat pour la santé des habitants et d'autre part afin de réduire au maximum les conséquences de la pollution environnementale.

Considérant qu'un seul mégot de cigarette contamine environ 40 litres d'eau souterraine et que la nicotine est facilement solvable dans l'eau, on sait alors, lorsqu'on voit le nombre de mégots sur le bord de la route, à quel point cette situation est catastrophique pour les décennies à venir.

Dans cet esprit, le président de la commission consultative de l'environnement Patrick Arendt a initié les trois projets suivants et essaye ainsi ensemble avec les autres membres de la commission d'agir contre cette situation :

***PLOGGING CHAQUE PREMIER DIMANCHE DU MOIS (DE MARS À OCTOBRE)***
Début juillet, la commission s'est rencontrée avec des volontaires pour la 15e édition, toujours en alternance entre Pétange, Rodange et Lamadelaine, pour faire la course à pied (ou marcher) sur une distance de 5 à 7 km, où toutes sortes de déchets sont ramassés de la voie publique. Cela comprend également les mégots de cigarettes, dont plus de 2.000 ont déjà été ramassés.

***PROJET SHIME : UPCYCLING DE MÉGOTS DE CIGARETTES!***
Cette initiative vise à collecter des mégots de cigarettes sur des places centrales pour être recyclés dans une première étape et en faire des meubles dans une deuxième étape. Dans une première phase d'essai, 10 bornes ont été installées à Pétange, l'idée étant, après avoir fait une analyse, d'en installer sur l'ensemble du territoire de notre commune.

***PROJET « ICI COMMENCE LA MER ! »***
Dans le cadre de ce projet la commune de Pétange est déjà active dans les trois localités, pour ainsi faire un travail de sensibilisation.

Les trois projets forment un tout et mènent à un paysage urbain embelli, la prévention par l'éducation et la promotion de la santé de tous les concitoyens.